FÉDUSE Enseignement CGFP

Fédération des Universitaires
au Service de l'État
Enseignement
CGFP-Administration
488, route de Longwy
L-1940 Luxembourg

Premièresexamen a Matricule continue

Léif Memberen,
Léif Kolleeginnen a Kolleegen,

Op dësem Wee wëlle mir iech eis Aschätzung a Bemierkungen zum **Verlaf vum Premièresexamen** an zur **Matricule continue** matdeelen.

1. Premièresexamen

An der Summersessioun vum Premièresexamen 2024 hate vill Kolleeginnen a Kolleegen **extrem kuerz Delaie** fir hir Examenskopien ze verbesseren.

E Beispill: *Den Examen an der Physik op de Sektioune B an C am ESC, genee eréi deen an der Mathé op der Sektioun GIG am ESG, goufen dënschdes, de 4. Juni geschriwwen. Den 2. Korrekter sollt freides, de 7. Juni, d'Examenskopien am Laf vum Dag zougestallt kréien an hat bis méindes, den 10. Juni, um 8 Auer moies, Zäit fir se ze verbesseren. Dëst entsprécht engem Delai vun* ***null*** *Schaffdeeg an hat och als Konsequenz, dass et fir déi betraffe Kolleeginnen a Kolleege kaum z'evitéiere war, fir de Mammendag (Sonndeg, 9. Juni) mat verbesseren ze verbréngen.*

Här Minister, esou maacht Dir jiddefalls de Beruff vum Professer net méi attraktiv, an der Hoffnung d'Penurie am Enseignement secondaire endlech ze bekämpfen!

Nodeems bei der Summersessioun 2023, bei där et fir d'Epreuven no der Päischtvakanz änlech kuerz Verbesserungsdelaie gouf, d'Examenskopien direkt no der Epreuve kopéiert an un déi dräi Korrekteren uechtert d'Land verschéckt goufen, esou gouf dës Prozedur e Joer méi spéit erëm iwwer Bord gehäit.
E weidert Experiment bei der Examenssessioun vum Summer 2024 war, dass d'Schüler net, eréi gewinnt, op Fardeblieder geschriwwen hunn, mee op eenzel DIN A4-Blieder. Vu dass den Enseignant verflicht ass, all Blat eenzel ze paraphéieren, ass besonnesch a Fächer, wou d'Schüler iwwer 20 Säite voll schreiwen, immens vill Zäit dofir dropgaangen. Och d'Schüler hu wäertvoll Zäit verluer, fir op all eenzelt Blat den Numm vum Lycée, d'Fach an hir Kandidatennummer ze schreiwen an donieft och nach d'Säiten ze nummeréieren. Dobäi eraus koume riseg onhandlech Enveloppë mat Honnerten eenzelne Blieder.

FÉDUSE Enseignement CGFP

Fédération des Universitaires
au Service de l'État
Enseignement
CGFP-Administration
488, route de Longwy
L-1940 Luxembourg

Duerch dee ganzen Hin an Hir bei den Examensmodalitéiten ass iwwert déi lescht Joren eng Art "Flickenteppech" entstanen. **D'FÉDUSE-CGFP fuerdert, dass zesumme mat eis endlech e sënnvollt an dauerhaft Gesamtkonzept fir den Oflaf vum Premièresexamen ausgeschafft gëtt, mat raisonnabelen Delaien an eenheetlecher Handhabung uechtert d'Land!**

2. Matricule continue

Bis ewell hunn d'Schüler an d'Elteren an der Matricule continue d'Bewäertung vun der *Conduite* an der *Application* vu jidder eenzelnen Enseignant konnte gesinn. **Well d'Bewäertung vun der *Conduite* an der *Application* awer laut Gesetz vum Conseil de classe, an net vum eenzelnen Enseignant fixéiert gëtt, hat d'FÉDUSE bei deene Verantwortleche vum Educatiounsministère intervenéiert an hat gefuerdert, dass d'Matricule continue op dësem Punkt direkt soll ëmprogramméiert ginn**. Mir si frou, Iech kënne matzedeelen, dass dëst entretemps gemaach gouf an ab elo also keng individuell Bewäertung vun der *Conduite* an der *Application* méi ugewise gëtt.

Doriwwer eraus hu mir ganz allgemeng nach eng Kéier drop higewisen, dass duerch d'Aféiere vun der Matricule continue den administrativen Opwand fir d'Enseignanten am Secondaire weider eropgaangen ass. Wärend de Prinzip vun enger Matricule continue beim Semester-System duerchaus ka sënnvoll sinn, sou verléiert dësen Outil beim Trimester-System eiser Usiicht no komplett seng Dosinnsberechtegung.

Eis gouf zougeséchert, dass mir deemnächst an enger Entrevue mat deene Verantwortleche vun der Matricule continue nach eemol konkret Verbesserungsvirschléi kéinten äusseren. Dozou hat dir, léif Kolleeginnen a Kolleegen, eis jo schonn am Kader vun eiser Ëmfro eng ganz Rei gutt Propose matgedeelt gehat. Eist Zil ass et, d'Matricule continue beschtméiglechst mam *Fichier élèves* ze synchroniséieren an dobäi op iwwerflësseg Detailer (z.B. den Datum vun enger Prüfung) ze verzichten.

D'Matricule continue soll den administrativen Opwand vum Enseignant verréngeren an net, ewéi bis elo, erhéijen! A Schoule mat Trimestersystem soll d'Matricule continue endlech nees ganz op Äis geluecht ginn, schliisslech ass d'COVID-Pandemie längst eriwwer!

Mat beschte Gréiss,
De Comité vun der FÉDUSE-CGFP
Lëtzebuerg, de 16. Juni 2024